



**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro 7195
vum 15. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

Ech well ënnersträichen, dass den Här Deputéierte meng Wieder vum 9. November aus der Chamber voll a ganz aus dem Kontext gerappt huet. Meng Ausso huet sech exklusiv op déboutéiert Afghanen limitéiert déi mir net an hiert Heemechtsland kennen zréck schécken. Wann définitiv festgestallt ginn ass, dass een afghaneschen Demandeur de Protection internationale kee Recht op Protectioun huet, a mir hien awer net kennen zréckschécken, da läit et fir mech op der Hand, esou enger Persoun via eng Aarbecht eng Openthaltsgeneemegung ze accordéieren an hier esou ze erlaben, hiert Liewen hei ze maachen, a Plaz si an d'Illegalitéit ze drécken. Doriwwer eraus siche weder ech, nach d'Agenten am Ministère, Persounen eng Aarbecht zu Lëtzebuerg, déi mussen si selwer sichen. D'Prozedur an d'Konditioune fir eng Openthaltsgeneemegung op Basis vum Immigratiounsgesetz vun 2008 ze kréie sinn onofhängeg vun deene vum Asylgesetz vun 2015. Et ginn keng Décisiounen déi souverän vum Geriicht geholl goufen, a Fro gestallt.

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn